N° 6139
Reçue le 04.05.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.05.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 80 vum Chambersreglement virgesinn ass, géing ech Iech bieden, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

D'Croix-Rouge huet rezent en Opruff gemaach, fir nei Bluttspender ze rekrutéieren. Wéi aus dem Schreiwes ervirgeet, feelt et am Moment wéinst de Schoulvakanzen a wéinst de ville Feierdeeg un Bluttkonserven.

An dësem Kontext géing ech gär folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsministesch stellen:

- Sinn aktuell genuch Bluttkonserven do, fir d'Besoine hei am Land ze decken?
- Ass d'Versuergung mat Bluttkonserven laangfristeg gesechert oder gin et Enkpäss?
- Ass d'Versuergung fir all Bluttgruppen garantéiert?
- Hat d'Pandemie Auswierkungen op d'Zuel vun de Bluttspender?
- Wa jo, wéi gesäit d'Entwécklung an den zwee leschte Joren aus?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Deputéiert

Max Hengel

Deputéierten

N°6139
Reçue le 24.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6139 vum 4. Mee 2022 vun der honorabeler Deputéierter Madamm Martine Hansen an vum honorabelen Deputéierten Här Max Hengel.

Sinn aktuell genuch Bluttkonserven do, fir d'Besoine hei am Land ze decken?

Den Stock un Bluttkonserven ass aktuell relatif déif. Bis haut konnt awer duerch d'Appeller vun der Croix-Rouge an de Medien an duerch den Courrier d'alerte deen un Donneuren geschéckt gouf, d'Autosuffisance hei am Land garantéiert ginn.

Ass d'Versuergung mat Bluttkonserven laangfristeg gesechert oder gin et Enkpäss?

Et ass net méiglech viraus ze gesinn, ob et zu Enkpäss kënnt oder net. D'Situatioun gëtt all Dag vum Blutt-Transfusiounszenter évaluéiert an d'Indicateuren vun der Kollekte an der Distributioun un d'Spideeler ginn ganz enk suivéiert.

Ass d'Versuergung fir all Bluttgruppen garantéiert?

Fir den Ament ass d'Versuergung fir all Bluttgrupp garantéiert. Et kënnt heiansdo dozou dass en aneren Phénotype muss vum Transfusiounszenter un en Spidol geliwwert ginn. Dëst ass ofhängeg vum Alter a vum Geschlecht vum Patient, mee ass eng gängeg Praxis um Niveau vun der Transfusiounsmedezin.

Hat d'Pandemie Auswierkungen op d'Zuel vun de Bluttspender?

D'Zuel vun de Bluttspender ass konstant. Vu datt d'Critèrenallerdéngs virgesinn dass no enger Infektioun mam Coivd-19 eng Persoun 4 Wochen keen Blutt spenden dierf konnten an deenen lëschten Méint vill Bluttspender net esou wéi virgesinn am normalen Rythmus hier Bluttspend réaliséieren.

Wa jo, wéi gesäit d'Entwécklung an den zwee leschte Joren aus?

D'Unzuel un Bluttspender ass an deenen leschten 10 Joer stabil an huet zënter 2011 em 2,0% zougeholl. D'Zuel vun den Donneuren fir Aphérèse ass tëschent 2011 an 2019 konstant gefall (-30,4%), mee ass zënter 2019 (+28,9%) an 2020 (+12,3%) nees um klammen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Den folgendenGrafik schlësselt d'Evolutioun vun den Donneuren tëschent 2011 an 2021 op:



Lëtzebuerg, den 23. Mee 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert